
Kultur News - Serie Kultur Summer Push-Up (2)

# Lëtzebuergesch léieren zu Lëtzebuerg




Vum Isabelle Henschen (Télé)|Update: 07.08.2019 09:05

Lëtzebuergesch richteg schreiwen, dat kann nach laang net all Lëtzebuerger. Ënnert anerem, well jiddereen et e bëssen aneschtes an der Schoul léiert.

Lëtzebuergesch richteg schreiwen, dat kann nach laang net all Lëtzebuerger. Ënnert anerem, well jiddereen et e bëssen aneschtes an der Schoul léiert.

Ofhängeg dovun, wéi vill Zäit a Wëssen d’Schoulmeeschteren an der Grondschoul hunn, fir et ze behandelen an a wéi engem Lycée een ass. Den eenzegen obligatoresche Lëtzebuergeschcours gëtt et op der Septième am Lycée Classique. An zwar eng Stonn d’Woch wärend engem Joer. Do léieren d’Schüler da méi iwwert d’Lëtzebuerger Kultur an d’Schreifweis. Lëtzebuergesch ass awer och dat Schoulfach, duerch dat een net kann duerchfalen. Esou wëll et den Educatiounsministère.

Lëtzebuergesch ass d’Nationalsprooch vun de Lëtzebuerger, dat nieft den anere Sprooche vum Land Däitsch a Franséisch, esou gouf et am éischte Sproochegesetz 1984 festgehalen. D’Gesetz vum leschte Joer iwwert d’Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch applizéiert dëst. Doranner gouf och d’Funktioun vun engem Kommissär fir d’Lëtzebuerger Sprooch definéiert. Zanter Oktober 2018 ass de Marc Barthelmy an dëser Funktioun. Schafft elo un engem 20-Jores-Plang ronderëm d’Lëtzebuerger Sprooch an enger Plattform, fir d’Lëtzebuergeschcoursen iwwersiichtlech duerzestellen.

Lëtzebuergesch Coursë fir Erwuessener sinn ëmmer méi gefrot. Am Schouljoer 2017/18 waren eng 4.740 Persoune beim Institut National des Langues fir Lëtzebuergesch ageschriwwen. Eng 45 Enseignantë schaffen do. D’Zuel vun de Coursen, déi eleng an dësem Sproochzentrum um Glacis ugebuede ginn, sinn op 178 Coursen d’Joer geklommen.